



YANKEE NEWS

NEWSLETTER FROM FPYD LUXEMBOURG

Corporal Joseph Friend

De Cpl Joseph Friend huet am Alter vun 23 Joer säi Liewen fir eis Fräiheet gelooss a läit um Luxembourg American Cemetery and Memorial zu Hamm begruween... Sait 2.

Night Vigil 2020 an der Stad Lëtzebuerg

Sou wei all Joer, organiséieren d'Friends of Patton's 26th Infantry Division hir Night Vigil, fir rëm un d'Affer vun der Ardennenoffensiv ze gedenken... Sait 3.



NIGHT VIGIL 2019 ZU WALDBËLLEG

Vum Marc Weber

Eisen leschten groussen Night Vigil, virun der Corona Kris, war den 7. Dezember 2019 zu Waldbëlleg. Et war eis eng Freed verschidden Eieregäscht begréissen ze dären, dorënner den Mobilitéitsminister François Bausch, den Generol Alain Duchéne, den britteschen Ambassadeur zu Lëtzebuerg den Här John Marshall, d'Enkelin vum Generol George S. Patton d'Helen Patton. Aus den Vereenegten Staaten koumen den Här Howard Liddic, Präsidant vum Western Chapter vun der 10th Armored Division an den Här Mike Collins an senger Funktioun als Auteur vun verschiddenen Bicher déi iwwert d'Ardennenoffensiv handelen.

Aus gudder Grënn ass d'Entscheidung wou mir eis Gedenkfeier ofhaalen op d'Uertschaft Waldbëlleg gefall. Et war op der Linn Waldbëlleg – Iermsdref op där den Ugrëff vun der 276th däitscher Volksgrenadierdivisioun gestoppt gouf. Den 20.

Dezember 1944 gouf Waldbëlleg vun den Däitschen an d'Zaang geholl. D'Task Force Brownfield vum 811th Tank Destroyer Bn, déi der 9th Armored Division ugegliddert war, konnt déi éischt Ugrëffer mat Erfolleg ofwieren. Een gréisseren Ugrëff géint 16h30 konnten si allerdéngs net méi stoppen. Doropshin hunn d'Amerikaner sech missen mat hiren Tank Destroyer op déi ëmleidend Héichten zeréckzéien. Réischt elo géngt et den Däitschen Waldbëlleg ze besetzen.

Den 22. Dezember kennt Verstärkung erbäi, d'Team Chamberlain vun der 10. amerikanescher Panzerdivisioun. Hir Missioun ass et Waldbëlleg nees

“Wars may be fought with weapons, but they are won by men. It is the spirit of men who follow and of the man who leads that gains the victory.”

-George S. Patton-

zeréckzeruwaren. Moies fréi gräifen si un. Hir Panzer kommen zwar bis an d'Mëtt vum Duerf, awer d'Fousszaldoten kommen net weider.

Eréischt no heftegen Kämpf an schwéieren Verloschter géngt et den amerikaneschen Truppen géint der Owend dräi Véierel vun der Uertschaft anzehuelen. Den géignerischen Drock ass awer sou staark, dass déi amerikanesch Task Force sech op en neits aus Waldbëlleg zeréckzéien muss. Erëm müssen si sech op den ëmleidend Héichten fest setzen. Des Truppen ginn elo duerch Zaldoten vum 20th US Infanterie Bn ofgeléist déi och der 10. amerikanescher Panzerdivisioun ënnerstinn.

Vun den Héichten aus kontrolléieren si déi Däitsch, déi sech op en neits komplett an Waldbëlleg festgebass hunn. Eréischt den 25. Dezember gëtt déi amerikanesch Unitéit duerch eng aner ofgeléist.

Et sinn Zaldoten vum 11. Regiment vun der 5. US Infanterie-Divisioun, déi Waldbëlleg sou wéi och d'Nopeschduerf Haler, no engem vernichtenden Artillerieschlag anhuelen. Den 26. Dezember ass den däitschen Abroch um Südflügel vun der Ardennenoffensiv komplett berengegt.

Den 75ten Joresdag vun der Ardennenoffensiv war een Ulass fir eis Vereenegung fir déi dräi Divisiounen ze éieren, déi un der zweeter Befreiung vun Waldbëlleg bedeelegt waren, der 9. an 10. US Panzerdivisioun souwéi der 5. US Infanteriedivisioun. Dobäi hunn mer och speziell un zwee Zaldoten geduecht, déi zu Waldbëlleg gefall sinn, den Corporal Joseph Friend an den Private Louis F. Schwall.

Hinnen war dësen Owend gewidmet. Fir d'alleréischt, hunn mir och fir eisen Night Vigil een Fakelzuch organiséiert, dëst mat Sécherheet net fir d'lescht.

CORPORAL JOSEPH FRIEND

Vum Christian Pettinger

Den Joseph Friend ass 1921 zu Philadelphia, am Bundesstaat Pennsylvania, ob d'Welt komm. Éier e bei d'Arméi kouw, huet hien sech bestuet.

Hien ass den 13. November 1942 an d'Amerikanesch Arméi agezu ginn, an der 10. US Panzerdivisioun zougedeeft ginn.



Während dem Kampfasaz an Europa huet hien an der B Company vum 21. Panzer Bataillon vun der 10. US Panzerdivisioun gedingt.

Den 21. Dezember 1944 hunn Eenheeten

vun der 10. US Panzerdivisioun Waldbëlleg ugegraff, fir déi Däitsch Zaldoten erauszedeiwen.

De Pfc Chester L. Knight huet nom Krich iwweir dësen Ugrëff Folgendes ausgesot:

De Panzer, dee vum S/Sgt Mudd kommandéiert ginn ass, an an deem ech e Bow Gunner war, krut de Befehl a Waldbëlleg virzestoussen fir déi ugräifend Infanterie ze ënnerstëtzen, dëst géint 13.00hr den 21. Dezember 1944. Den Ugrëff ass gutt verlaf, bis mer hu missen no vir goen, fir e puer däitsch Scharfschützen auszuschalten. Mir sinn no riets an eng Strooss ofgebéit a soubal mer dat zweet Haus an dëser Strooss erreicht haten, huet eng Bazooka Granat eise Panzer ob der rietser Säit vum Tuerm getraff, woubäi de Cpl Joseph Friend ob der Plaz gestuerwen ass. De S/Sgt Mudd huet liicht verwonnt ausgesinn a Blut ass sätlech vum Kapp erofgelaf. Hien ass vum Panzer erofgeklomme an wei an engem duercherneenem Zoustand no hanne gaangen. Dat war fir d'lescht wou ech e

gesinn hunn.

De Cpl Joseph Friend huet am Alter vun 23 Joer säi Liewen fir eis Fräiheet gelooss a läit um Luxembourg American Cemetery and



Memorial zu Hamm begruewen.

Dem Cpl Joseph Friend säin Affer däerf NI vergiess ginn.

PVT LOUIS FREDERICK SCHWALL

Vum Christian Pettinger

De Louis Frederick Schwall gouf den 28 Februar 1921 zu Bay City, am Bundesstat Michigan gebuer. Hien hat zwee Bridder an zwou Schwëstere. Säi Papp ass gestuerwen wéi hien réischt 14 Joer al war, an esou ass hien den Kapp vun der Famill ginn. De Louis huet als Elektronik-Fachmann geschafft an huet sech mam Mary Lou Harbourne bestuet, éier e bei d'Arméi kouw.

"A hero is someone who has given his or her life to something bigger than oneself."

-Joseph Campbell-

1944 ass hien dunn mat 23 Joer an d'Arméi agezu ginn, an kouw als Ersatzmann bei d'G Kompanie vum 11th Infanterie Regiment vun der 5. US Infanteriedivisioun. Ob

Chrëschttag, de 25. Dezember 1944, huet dat 11. Regiment vun der 5. Divisioun Haler ugegraff. Bei dësem Ugrëff ass de Private Louis F Schwall sou schwéier



© Famill L Schwall

verwonnt ginn, dass hien de selwechten Dag u senger schwéiere Verletzung gestuerwen ass. Als besonnescht trauregt Schicksal ass ze erwänen, dass den Dag drop, den 26. Dezember, säin Jong, de Brian Frederick

Schwall, ob d'Welt kouw. De Pvt Louis F. Schwall gëtt als éischt um Militärkierfecht zu Hamm begruewe éier seng stierflech Iwwerreschter zwee Joer drop ob de Green Rich Cemetery ob Bay City, Michigan, iwweirfouert ginn. Säi Jong, de Brian Frederick Schwall, deen 2006 verstuerwen ass, hat d'Éier zu Haller am Joer 2000 derbäi ze sinn, wei d'Gedenkplaque fir säi Papp ageweit ginn ass a fir déi Plaaz ze besichen wou säi Papp säi Liewen mat 23 Joer vir eis Fräiheet hierginn huet.



Dem PFC Louis Frederick Schwall säin Affer däerf NI vergiess ginn!



NIGHT VIGIL 2020 AN DER STAD LETZEBUERG

Vum Marc Weber

Erennerung un d'Ardennenoffensiv.

Sou wei all Joer, organiséieren d'Friends of Patton's 26th Infantry Division hir Night Vigil fir un d'Affer vun der Ardennenoffensiv ze gedenken, dést Joer awer ënner strengen Covid-Moosnamen.

Ulässlech vum 75. Doudesdag vum US Generol S. Patton Jr. fënnt d'Feier, vun eisem an der Stad ageschriwwenen Veräin, beim Battle of the Bulge Monument statt, dat sech nieft der Fondatioun Pescatore am stater Park befënnt. Virun 76 Joer huet sech d'Haaptquartéier vu der 3. Arméi, vun deem berüümten Generol, genau an deem pompösen Gebai befënnt.



Bei senger Usprooch huet den FPYD President Marc Weber, am Bäisinn vum US Botschafter Randolph J. Evans an dem

Deputy Head of mission Sher Houston vun der Brittescher Botschaft, betount wei wichtig et dach wier trotz de Coronazäiten d'Erënnerung un déi däischter Deeg oprecht ze erhalen.

Speziell déi jéngsten Generatiounen, sou de Marc Weber, missten iwwert dat wat deemools geschitt ass, stänneg opgekläert ginn. Nëmme esou kéint een deem entgéint wierken, dass sech esou eppes nach eemol an der Geschicht vun Europa widderhëlt.

Am Uschloss huet den Botschafter vun den Vereenegten Staaten vun Amerika bei senger Ried nach eng Kéier dorun erënnert, wat mir der "Greatest Generation" schëlden, där Generatioun dären Zaldoten fir eis Fräiheet an Demokratie ënner héijen Verloschter gekämpft hunn, an zu Dausenden hiert jonkt Liewen gelooss hunn.

eis haut een Liewen am Wuelstand ze garantéieren.



DO YOU REMEMBER ?

ENG AMERIKANESCH FAMILL OP DE SPUEREN VUN HIREM PAPP

Vum Marc Weber

Beim Kranznidderleen, wou och d'Stad Lëtzebuerg sech mat bedeelegt huet, mat uschlëssender Gedenkminutt, huet sech déi duerch Corona streng limitéiert Zuel vun Participanten nach emol dem Affer besonnen, deem déi deemoleg amerikanesch an brittesch Zaldoten op sech geholl hunn fir

Onse Veräin huet Besuch vun de Jongen vum Leutnant Gardener kritt. Hien war "Communication officer" an der Haaptquartéier Kompanie vum 2. Bataillion vum 104. Infantry Regiment an déi hunn der 26. US Infantry Divisioun ugehéiert.




An der "Unit History", also der geschichtlicher Dokumentatioun vun dem 104. Regiment, hunn d'Jongen hire Papp



erkannt, deen op der Foto mat engem aneren Member virum Gefechtsstand vum 2. Batailloun poséiert huet.

Ouni mat der Wimper ze zucken, hunn si dunn onse Veräin kontaktéiert a wollte



Wee vun dem 104 Regiment während der Ardennenoffensiv zu Lëtzebuerg - Unit History 104th Regiment

wëssen ob dat aalt Eierwierdegt Gebai wou virun 75 Joer d'Hauptquartéier vum 2. Batailloun dra war nach bestoen géif. Dat konnte mer hinnen direkt mat engem JO beäntweren, well dat Gebai stoung nach do wéi ee a jee an hat sech am Laf vun de Joren praktesch net verännert. Begeeschert vun dëser gudder Noochricht hu si kuerz drop en Trip no Europa geplangt, fir op de Spueren vun hirem Papp ze wandere a sech natierlech dat fréiert Hauptquartéier vun no unzékucken. Et war eise Veräin eng Eier, hinnen mat den néidegen Recherchen behëlleflech ze sinn, a mat hinnen zu Bùderscheid dat Gebai opzesichen wat hinnen esou um Häerz louch.

Dat obligat Vergläichsbild mat hinnen a mat onsen Memberen vum Verwaltungsrat Marc Weber a Christian Pettinger huet net laang op sech waarden gelooss.

Rappel Memberskaart 2021.
Deen hei Rappel ass fir eis Memberen déi bis elo nach nët den Beitrag fir 2021 iwwerweisen hunn w.e.g. 10€ op dem Konto
IBAN: LU62 1111 2358 1306 0000
BIC: CCPLULL iwwerweisen



Als Erënnerung un d'Ardenneoffensiv 1944/45, un den Generol George S. Patton an un d' 26. US Infanteriedivisioun, ass eng Medail(Coin) gepräagt ginn. Eng excellent Prägung fir all Sammler. D'Erënnerungs-medail aus oxidéiertem Selwer mat engem Duerchmiesser vun 5cm, gëtt iech no der Iwwerweisung vun 25 €, op de Kont CCPL LU62 1111 2358 1306 0000 vun der "Friends of Patton's 26th Infantry Divisioun – Luxembourg" ASBL, zougeschéckt.

Méi Néiegeketen/Fotoen vun eiser Associatioun fannt dir op eise Site www.fpyd.org

YANKEE NEWS IS THE INTERNAL NEWSLETTER OF THE FRIENDS OF PATTON'S 26TH INFANTRY DIVISION LUXEMBOURG

CONTRIBUTORS: Marc Weber, Christian Pettinger, Christian Junk
DESIGN: Sascha Barthel
PROOFREADING: Astrid Hausemer
To get a personal hard-copy, contribute or comment, please send an email to: secretary@fpyd.org
W.W.II Research (YD in LUXEMBOURG): research@fpyd.org
© All rights reserved. All pictures unless otherwise stated are public domain.